06/2023

# debulletin



**Editorial vum Patrick Remakel**
Pressekonferenz :
Den SNE/CGFP hëlt Stellung zum Koalitiounsaccord vun der CSV an der DP

**Rentrée**
vun der Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP

**Entrevue vum SNE/CGFP**
mam Educatiounsminister Claude Meisch

**Schwedesch Digitaliséierungsstrategie**
E Kommentar

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg



- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume







Möbel mit vielen Möglichkeiten



11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
6/2023

02 Editorial vum Patrick Remakel
Pressekonferenz : Den SNE/CGFP hëlt Stellung zum Koalitiounsaccord vun der CSV an der DP

12 Rentrée vun der Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP

16 Speed-Evaluatioun vum Koalitiounsaccord fir d'Legislaturperiod 2023-2028

20 Entrevue vum SNE/CGFP mam Educatiounsminister Claude Meisch

22 Schwedesch Digitaliséierungsstrategie
E Kommentar

24 Campagne vum Comité syndical européen de l'éducation:
Den Enseignement attraktiv maachen – 10 Fuerderungen

40 100 Bilderbücher für die Grundschule
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

# Éditorial

## Pressekonferenz :

### Den SNE/CGFP hëlt Stellung zum Koalitiounsaccord vun der CSV an der DP

### 1. Begréissung

Dir Dammen an dir Häre vun der Press,

et freet mech, Iech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP op onser Pressekonferenz begréissen ze däerfen.

Den SNE/CGFP hëlt haut Stellung zum Koalitiounsaccord vun der CSV an der DP. Mir weisen drop hin, dass dës Pressekonferenz méi eng grouss Envergure kritt, mee et ass eis immens wichteg, an den Detail vun dësem Dokument anzegoen.

### 2. Introduktioun

No de Wale vum 8. Oktober koum et zu engem politesche Wiessel a Lëtzebuerg gëtt elo vun enger CSV – DP Koalitioun regéiert. An dëser Konstellatioun behält déi demokratesch Partei weiderhin de Ressort Educatioun. An den nächste 5 Joer heescht den Educatiounsminister och nach ëmmer Claude Meisch.

Den SNE/CGFP wëllt op dëser Plaz nach eemol seng onofhängeg Positioun géintiwwer de verschiddene Parteie kloer ervirhiewen!

Aus deem Grond hat den SNE, genee esou wéi seng Daachorganisatioun d'CGFP, keng Walrecommandatioun virun de Wale gemaach. Am Virfeld vun de Walen huet den SNE/CGFP e Questionnaire un all Parteie geschéckt, a senge Memberen d'Äntwerten zoukomme gelooss.
Esou hat all Member d'Méiglechkeet, sech selwer e Bild vun de verschiddene Programmer ze maachen an « en connaissance de cause » ze wielen.

D'Aufgab vum SNE/CGFP besteet doranner, sech mat senge Memberen auszetauschen, fir esou hir Meenungen ze representéieren an hir Rechter ze verdeedegen.

An dësem Sënn zielt den SNE/CGFP op eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat de Regierungsparteien a mat dem neien alen Educatiounsminister.

Den SNE/CGFP ass iwwerzeegt, dass d'Regierungsparteie Wäert op eng konstruktiv Zesummenaarbecht leeën, well onst gemeinsaamt Zil jo schliisslech d'Bildung vun all de Kanner ass!

Un de Revendicatioune vum SNE/CGFP huet sech natierlech och no de Walen näischt geännert.

Den SNE/CGFP fuerdert vun der Regierung, dass endlech schnell agéiert gëtt, fir do, wou et brennt, ewéi zum Beispill beim Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen, déi néideg Mesuren en Place ze setzen. D'Verbesserung vum lëtzebuergesche Bildungssystem muss onbedéngt fir dës Regierung eng Prioritéit sinn! D'Kanner vun haut si schliisslech d'Zukunft vu muer!

Den SNE/CGFP erwaart dowéinst, dass den Educatiounsminister oppen a kloer Gespréicher mat onser Gewerkschaft féiert, ons Meenungen, Virschléi a Fuerderungen zur Kenntnis hëlt an a seng Iwwerleeunge mat afléisse léisst.

Engersäits si mir zefridden, dass am Regierungsprogramm eng Rei vun onsen Doleancen a Fuerderunge berücksichtegt goufen. Anerersäits awer stellt den SNE/CGFP fest, dass eng ganz Rei vu senge Revendicatioune leider net hiren Nidderschlag am Koalitiounspabeier fonnt hunn. Bei anere Punkte besteet nach Interpretatiounsbedarf!



### 3. Analys vum «Programme gouvernemental»

Komme mer elo also zur Analys vun dësem Programm.

Mir beschränken ons ausschliisslech op de Volet Educatioun, an dobäi besonnesch op alles, wat d'Grondschoul an d'« Voie de préparation » vum ESG betrëfft.

Erlaabt mir just eng Remark zum Volet Enfance an do besonnesch zum Rapprochement vun der formaler an der non-formaler Bildung.

Beim « Plan d'encadrement périscolaire (PEP) » muss et och weiderhin esou bleiwen, dass d'Schoule selwer decidéiere sollen, wéi d'Kollaboratioun tëscht Schoul a Maison relais an der Praxis soll ausgesinn.

#### a) Introduktioun

An der Introduktioun zum Kapitel « Enseignement fondamental » steet : « Le système scolaire doit garantir l'égalité des chances et permettre à chaque enfant de suivre le parcours éducatif qui lui convient le mieux. »

Dës Ausféierung ass ganz richteg a genee aus dësem Grond brauch d'Schoul endlech déi néideg Ressourcë fir dësem Defi kënne gerecht ze ginn. Den SNE/CGFP seet ganz kloer, dass dëst ambitiéist Zil nëmmen erreecht ka ginn, wann een de Schoulen déi néideg Moyenen, spréch Personal, zur Verfügung stellt. Dofir muss ënnert anerem de Berechnungsmodus vum Contingent onbedéngt zu Gonschte vu méi Ressource geännert ginn. Esou eng Mesure géif all de Schoulen, an domat all de Kanner zegutt kommen.

Niewent der Augmentatioun vum Contingent leet den SNE/CGFP dem Educatiounsminister awer och drénglechst un d'Häerz, den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen zu enger vu sengen Haaptprioritéiten ze maachen.

Leider ass et eng Realitéit am Schoulalldag, dass den Enseignant am Ëmgang mat Kanner mat spezifesche Besoinen dacks eleng gelooss gëtt a senger Klass an en normaalt Schoulhalen am Interêt vun all de Kanner ass dacks net méi méiglech.

Et mussen endlech effikass Mesuren en Place gesat ginn, fir dës Situatioun ze remediéieren.

All Kand muss esou zäitno wéi méiglech déi adequat Hëllef kréien, déi et fir säi Léierprozess brauch. Déi Hëllef muss de Besoine vum Kand ugepasst sinn an och wann néideg all Dag, respektiv all Schoulstonn dem Kand zur Verfügung stoen.

Fir den SNE/CGFP ass et kloer: De MENJE muss de Schoulen all d'Moyene ginn, déi se brauchen, fir all Kand net nëmmen ze encadréieren, mee effikass ze encadréieren.

An dësem Dossier däerf keng onnéideg Zäit méi verluer goen an et muss direkt gehandelt ginn, well soss riskéiere mir, dass ëmmer méi Enseignanten um Terrain iwwerfuerdert sinn – fir net ze soen, verbrannt ginn – an an de Burnout falen.

D'Rentrée huet eis leider nees eng Kéier gewisen, dass d'Problemer vun der « Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche Besoinen nach ëmmer net geléist sinn an dass a ganz ville Direktioune spezialiséiert Personal feelt, fir den Encadrement vun dëse Kanner zefriddestellend ze assuréieren. De Manktem u Personal beim Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen huet leider och negativ Auswierkungen op déi aner Kanner aus der Klass. Och den Enseignant gëtt onzefridde mat der ganzer Situatioun, well hie sengen Hänn kee Rot méi weess, keng zefriddestellend Hëllef kritt, sech am Stach gelooss spiert.

### b) « Modernisation du plan d'études et compétences clés du 21e siècle »

Den SNE/CGFP steet enger Modernisatioun vun dem « Plan d'études » oppe géintiwwer, fuerdert awer, aktiv mat an dëse Prozess agebonnen ze ginn.

D'Ausschaffe vun engem « Plan d'études » ass vill Aarbecht, verlaangt kontrovers Diskussiounen a stellt dofir eng enorm Erausfuerderung duer. Obwuel de Prozess vun der Consultatioun vun den Acteuren aus der Schoul mat der Erstellung vun engem « Livre blanc » schonn an der leschter Legislaturperiod ofgeschloss gouf, stellt den ugestrieften Zäitplang fir d'« Mise en vigueur » vun dem neie « Plan d'études » ab der Rentrée 2026-2027 an den Ae vum SNE/CGFP eng grouss, wann net ze grouss Erausfuerderung duer. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass een déi Aarbechten net soll iwwer de Knéi briechen, well et herno wichteg ass, dass de Léierplang vum Léierpersonal akzeptéiert gëtt. Et ass jo schliisslech d'Léierpersonal um Terrain, dat d'Virgaben aus dem «Plan d'études» herno um Terrain muss ëmsetzen. Den SNE/CGFP freet sech, ob een net sollt eng «Phase d'implémentation» virgesinn – villäicht en Iwwerganksjoer – wou d'Enseignanten d'Geleeënheet kréien, sech mam neie « Plan d'études » vertraut ze maachen, sech doranner eranzeschaffen an eventuell Problemer opzedecken, fir dass dann déi néideg



Adaptatioune kënne gemaach ginn. Just duerch d'Schaffe mat deem neie « Plan d'études » um Terrain kënne seng Schwaachstellen opgedeckt an ajustéiert ginn.

Dem SNE/CGFP seng Revendicatioune bei enger Modernisatioun vum Léierplang si kloer:

Am « Plan d'études » muss festgeluecht ginn, wat e Kand wëssen a kënne muss, fir a sengem « Parcours scolaire » weiderzekommen. Et soll e prakteschen Instrument sinn, dat dem Léierpersonal eng wierklech Hëllef am Schoulalldag ass. Déi Praxistauglechkeet vum « Plan d'études » ass fir den SNE/CGFP primordial.

Am « Plan d'études » muss e verbindleche Kompetenzsockel festgeluecht ginn, dee fir all d'Kanner gëllt.

Et soll kloer ersiichtlech sinn, zu wat fir engem Zäitpunkt e Kand wat fir ee Wëssen a wat fir eng Kompetenzen sech ugëeegent muss hunn.

De Plan d'études muss d'Referenz sinn, wourop en Enseignant sech onmëssverständlech bezéie kann, zum Beispill am Kader vun de Bilansgespréicher.

Am « Plan d'études » mussen de « Savoir » an de « Savoir-faire » ganz kloer verbonne ginn.



Fir den SNE/CGFP ass et ganz wichteg, dass de « Plan d'études » par Rapport zu haut vill entschlaakt muss ginn. Villes kann een ewechloossen, eventuell nei Kompetenze mussen integréiert ginn, mee et soll ee sech nom Motto « manner ass méi » op dat Wesentlecht, op déi wichtegst Kärkompetenze beschränken. D'Schoul kann net alles maachen!

### c) « Alphabétisation parallèle en français et en allemand »

Den SNE/CGFP ass sech der Sproocheproblematik zu Lëtzebuerg duerchaus bewosst an ass och prinzipiell oppe fir eng Flexibiliséierung vun der schoulescher Offer innerhalb vum traditionelle lëtzebuergesche Schoulsystem.

An dofir bleift den SNE/CGFP och bei senger Positioun, sech dem Pilotprojet « Zesumme wuessen – Alphabetiséierung op Franséisch » net ze verschléissen, mee dëse kritesch ze begleeden.

Den SNE/CGFP weist sech zefridden, dass de Koalitiounsaccord virgesäit, de Pilotprojet wëssenschaftlech ze evaluéieren.

Den SNE/CGFP insistéiert awer dorobber, dass dës Evaluatioun seriö, onofhängeg a wäitreechend muss erfollegen. All d'Resultater mussen integral ëffentlech gemaach, kontrovers diskutéiert an analyséiert ginn an op där Basis mussen dann d'Decisioune getraff ginn.

Ganz wichteg ass et, dass d'Acteure vum Terrain bei dëser Evaluatioun net vergiess ginn, well si schaffen all Dag mat de Kanner a wëssen am beschten, wou et Problemer ginn a wat gutt leeft.

An deem Kontext positionéiert den SNE/CGFP sech géint d'Vermëschen an enger eenzeger Klass vu Kanner, déi op Däitsch alphabetiséiert gi mat Kanner, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn. Mat der Sproochevilfalt, déi mir souwisou schonn an eise Klassen hunn, géife mir riskéieren, bei esou enger Vermëschung vill Duercherneen ze kréien.

Wann et duerno da sollt zu enger generaliséierter Aféierung vun enger Alphabetiséierung op Franséisch kommen, da fuerdert den SNE/CGFP, dass all d'Schoulen iwwert déi selwecht Ressourcen a Moyene verfüge mussen, wéi se och fir de Pilotprojet zur Verfügung gestallt goufen.

Positiv ervirzesträichen ass, dass de Koalitiounsaccord festhält, dass esouwuel d'Alphabetisatioun op Däitsch, wéi och op Franséisch no enger pedagogescher Approche vun Zweet-oder Friemsprooch soll enseignéiert ginn. Dës Approche eleng ka scho fundamental Ënnerscheeder fir verschidde Schüler bedeiten.

Bei der enormer Unzuel un ënnerschiddleche sproochlechen Hannergrënn vun eise Schüler ass et bal net méi méiglech, d'Däitsch esou ze enseignéieren, wéi mir et bis ewell gemaach hunn. D'Lëtzebuergescht kann dacks net méi déi Bréckefunktioun zum Däitschen iwwerhuelen, well vill Kanner d'Lëtzebuergesch net gutt genuch beherrschen, wa si bei eis an d'Schoul kommen.

Den SNE/CGFP freet sech awer och, wéi et mat der « Langue véhiculaire » an de sougenannten Niewefächer soll weidergoen. Mir gesinn do nach Diskussiounsbedarf a sollten oppassen, dass mir d'Kanner net ze vill iwwerfuerdere mat deene ville Sproochen.

### d) « Garantie de l'accès à l'éducation précoce »

Leider ass et am Moment heiansdo de Fall, dass et a verschiddene Gemengen net genuch Plaze ginn, fir dass d'Elteren hir Kanner all Dag an de Precoce aschreiwe kënnen, esouguer wa si dorunner interesséiert sinn. D'Kanner kënnen also nëmmen zu verschiddene Plage kommen a kréie keng Vollzäitplaz am Precoce. Den SNE/CGFP begréisst et, dass d'Zuel vun de Plazen am Precoce erhéicht soll ginn.

Mee et kënnt awer op verschiddene Plazen en anere Problem derbäi: Wann d'Eltere gewuer ginn, dass hir Kanner keng Plaz an der Maison relais kréien, da melle si hir Kanner och nees am Precoce of.

Wa mir also wëllen, dass esou vill wéi méiglech Kanner d'Offer vum Precoce unhuelen, da muss och derfir gesuergt ginn, dass d'Kanner all eng Vollzäitplaz an der Maison relais garantéiert kréien.

### e) «Développement de la conscience phonologique au cycle 1»

E gutt phonologescht Bewosstsinn ass d'Viraussetzung fir eng reusséiert Alphabetisatioun, sief

se elo op Däitsch oder awer op Franséisch. Aus deem Grond begréisst den SNE/CGFP et, dass de Koalitiounsaccord eng Auswäitung an eng Verankerung am « Plan d'études » vun den Aktivitéiten, déi dat phonologescht Bewosstsinn stäerken, virgesäit. Den SNE/CGFP verlaangt an deem Zesummenhang, dass dann och dat néidegt Material entwéckelt muss ginn, fir et den Enseignanten am Zykel 1 zur Verfügung ze stellen.

### f) « Deuxième intervenant au cycle 1 »

Den SNE/CGFP ass zefridden, dass enger vu senge Fuerderunge Rechnung gedroe soll ginn, an dass an Zukunft all Klassen aus dem Zykel 1 nom Modell vum Precoce mat engem Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur funktionéiere sollen.

Effektiv ass am Koalitiounsaccord virgesinn, d'Konzept vun engem zweeten Intervenant am Zykel 1 ze entwéckelen a graduell anzeféieren. Eng graduell Aféierung heescht fir den SNE/CGFP awer net, dass do kostbar Zäit verluer geet. Dës Mesure muss esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn!

### g) « Inclusion scolaire et bien-être »

Zu dësem enorm wichtegen Thema hu mir eis schonn am Ufank vun der Pressekonferenz geäussert.

Den SNE/CGFP kann dem Educatiounsminister nëmme roden, dës Problematik ganz schnell an Ugréff ze huelen, well soss riskéiert de Schoulsystem ze kollabéieren.

Am Regierungsprogramm steet, dass de Reseau vun de regionalen Antennen vun de Kompetenzzentren ausgebaut soll ginn.

Jo, den SNE/CGFP ka mat dëser Mesure averstane sinn, fuerdert awer och ganz kloer, dass de Fonctionement vun de Kompetenzzentre kritesch analyséiert gëtt, fir dass an Zukunft d'Ressourcen aus de Kompetenzzentren esou agesat ginn, dass si och beim Kand ukommen an net an engem administrative Waasserkapp verschwannen. Dass e puer Kompetenzzentren sech eenzeg an eleng d'Missioun ginn, d'Enseignanten ze coachen an hinnen aus dem « Elfenbeintuerm » eraus Rotschléi ze ginn, geet dem SNE/CGFP definitiv net duer. Déi Leit aus de Kompetenzzentren, wat jo héichqualifizéiert Spezialiste sinn, däerfe sech net ze schued sinn, selwer an de Schoulen eng Hand mat unzepaken a mat deene Kanner, déi op hir spezialiséiert Interventioun um Terrain ugewise sinn, ze schaffen.

Op alle Fall: En « Einfach weider esou » bei de Kompetenzzentre wär en absoluten NOGO fir den SNE/CGFP.

An enger Rei Schoule ginn et esou genannte « Classes de cohabitation ». Sollt een net dëse gutt funktionéierende Modell méi ausbauen?

Eppes muss ee sech awer och bewosst sinn: D'Inklusioun huet hir Grenzen an déi Ausso gëtt dacks falsch verstanen. D'Limitte gi gesat duerch d'Ressourcen, déi fir d'Inklusioun zur Verfügung gestallt ginn. Wann ee just eng Hëllef op ongenügendem Niveau kritt, dann ass d'Inklusioun ganz schwiereg, wann net onméiglech ze realiséieren. Leider ass et awer op ganz ville Plazen esou, dass net genuch spezialiséiert Personal do ass an dass den Enseignant de gréissten Deel vun der Zäit eleng gelooss gëtt a keng Hëllef oder net genuch Hëllef kritt, fir mat engem Kand ze schaffen, dat awer eng ganz intensiv Betreiung brauch.

Den SNE/CGFP begréisst et, dass déi lokal Ekippen an de Schoulen opgestockt solle ginn.

Dëse Saz léisst an den Ae vum SNE/CGFP awer nach Interpretatiounsspillraum. Wat heescht dee Saz konkret?

Heescht dat, dass d'Schoulen elo endlech déi Taskforce kréien, déi den SNE/CGFP schonn zënter ganz Laangem fuerdert?

Heescht dat, dass déi multidisziplinär Ekippen (ESEB) an de Schoule massiv opgestockt ginn?

Heescht dat, dass dës Ekippen elo an d'Schoulen affektéiert ginn, fir dass dëst Personal direkt an ouni administrativen Opwand ka beim Kand intervenéieren?

Den SNE/CGFP fuerdert, dass bei dësen Ekippen endlech eng funktionéierend «Réserve de remplaçants» op d'Bee gestallt gëtt. Am Moment ass et esou, dass d'Personal vun der ESEB, dat an de Klassen intervenéiert, am Fall vun enger Krankmeldung oder soss enger Absence – och wa se méi laang ass – net ersat gëtt. Dat Kand, dat no zum Deel laange Prozeduren eng gewëssen Zuel u Stonnen Hëllef pro Woch accordéiert krut, kritt dee Moment déi Hëllef net



méi an den Enseignant muss kucken, wéi en da mat der Situatioun eens gëtt. D'Kand mat de spezifesche Besoinen ass dobäi awer ëmmer de Verléierer: Obwuel d'Kand eng Hëllef zegutt hätt an him déi och um Pabeier accordéiert gouf, kritt d'Kand an der Praxis déi Hëllef, op déi et ugewisen ass, net méi.

Well mir elo just d'Prozeduren ernimmt hunn, musse mir awer och nach eng wichteg Remark maachen. Den SNE/CGFP bedauert weiderhin, dass mir am Kapitel iwwert d'schoulesch Inklusioun näischt vun engem Paradigmewiessel am Regierungsprogramm fannen. Mee villäicht geschitt dëst jo no der Evaluatioun vum Schoulgesetz vun 2009.

Well et muss zu engem Paradigmewiessel komme bei der « Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche Besoinen.

D'Hëllef um Kand muss un éischter Plaz stoen, an net d'Prozedur. Am Moment ass et nämlech esou, dass munchmol Méint a Méint vergi mat Observatiounen, Diskussiounen a Rapporten éier iwwert eng Hëllef fir e Kand decidéiert gëtt.

Dofir mussen d'Prozedure vereinfacht a beschleunegt an den administrativen Opwand reduzéiert ginn, fir dass d'Kand esou séier wéi méiglech eng effektiv Hëllef kritt.

Den SNE/CGFP wäert op jiddwer Fall an deem Dossier net labber loossen.

Zefridden ass den SNE/CGFP awer, dass enger weiderer Fuerderung Rechnung gedroe gëtt.

An zwar soll, esou wéi den SNE/CGFP dat och gefuerdert huet, d'Zuel vun den I-EBSen eropgesat ginn.

Dass elo all Schoul mindestens een I-EBS soll kréien, kënne mir nëmme begréissen.

Bei deenen um Pabeier nei ageféierten Assistenten, déi awer bis ewell an de Schoulen net agesat goufen, muss séchergestallt sinn, dass si zu enger Plus-value fir d'Schoule ginn.

Dofir fuerdert den SNE/CGFP mat agebonnen ze ginn, wann et ëm d'Ausschaffe vun hiren Tâchen an der Definitioun vun hirer praktescher Aarbecht um Terrain geet.

### h) « Evaluation de la réforme 2009 »

Natierlech begréisst den SNE/CGFP et, dass et zu enger Evaluatioun vun der Reform vun 2009 komme soll.

Den SNE/CGFP fuerdert, dass bei dëser Evaluatioun d'Leit vum Terrain och zu Wuert komme mussen an dass hire Constaten, Soucien a Verbesserungsvirschléi Rechnung gedroe muss ginn. Bei dëser Evaluatioun däerf een net aus den Ae verléieren, wéi de Beruff

zënter 2009 evoluéiert huet an d'Tâchë vum Enseignant dramatesch un Envergure zougeholl hunn.

## * « Appui pédagogique »

Beim « Appui pédagogique » gesäit den SNE/CGFP absolutt keen Handlungsbedarf.

Bis elo ass et jo esou, dass Schoule selwer kënnen decidéieren, bei wiem a wéini dësen Appui gehale soll ginn.

Dës Flexibilitéit, am Sënn vun de Kanner, däerf op kee Fall verluere goen.

D'Enseignantë mussen also déi néideg Flexibilitéit an deen néidegen Handlungsspillraum behalen, fir den « Appui pédagogique » esou ze organiséieren, wéi et fir d'Schoul an d'Kanner am beschten ass. Den SNE/CGFP kéint op alle Fall net domadder d'accord sinn, wa versicht géif ginn, d'Flexibilitéit vum Enseignant hei anzeschränken.

## * « Cycles d'apprentissages »

Wat d'Schaffen an den Zyklen ubelaangt, soll effektiv gekuckt ginn, ob dat och esou an de Schoule gelieft gëtt oder net.

A wann net, muss ee sech d'Fro stellen, ob een net muss ewech vun den Zykle kommen.

## * « Evaluation »

Hei fuerdert den SNE/CGFP nees eng chiffréiert Bewäertung am Zykel 4 anzeféieren. Fir den SNE/CGFP wär och eng chiffréiert Evaluatioun am Hibléck op d'Orientéierungsprozedur am Zykel 4 an d'schoulesch Zukunft am « Enseignement secondaire » ganz wichteg.

## * « Procédure d'orientation »

Hei ass d'Positioun vum SNE/CGFP ganz kloer:

D'« Procédure d'orientation » muss reforméiert ginn.

Den SNE/CGFP fuerdert, dass an Zukunft d'« Équipes pédagogiques » dës Entscheedung treffe sollen, nodeems si iwwert den Elteren hir Virstellung informéiert goufen.

No der Entscheedung vun der « Équipe pédagogique » géifen d'Elteren natierlech d'Méiglechkeet vun engem Recours kréien, an zwar a Form vun engem Examen-recours.

Komme mir elo zu der Evaluatioun an de Bilanen:

Am Koalitiounsaccord fënnt een awer näischt doriwwer!

Soll dann alles beim Ale bleiwen?

Den SNE/CGFP mengt net, well mir do groussen Handlungsbedarf gesinn.

Mir stelle fest, dass an all Regioun, all Schoul, all Zykel anescht bewäert gëtt. Dat kann net sinn. Mir brauchen eng verständlech an transparent Evaluatioun, déi esouwuel vun de Kanner, wéi och vun hiren Eltere verstane gëtt.

Wat d'Bilanen ubelaangt, esou fuerdert den SNE/CGFP, dass si méi lieserlech musse ginn.

## i) « Aide aux devoirs à domicile »

Am Koalitiounsaccord steet, dass d'Hausaufgabenhëllef optimiséiert soll ginn. Den SNE/CGFP freet sech, wat dat genau heescht.

Den SNE/CGFP geet dervun aus, dass dës Optimiséierung vun der Hausaufgabenhëllef am Kader vun der Maison relais geschéie soll.

Wann d'Optimiséieren awer géif bedeiten, d'Hausaufgabenhëllef vun der Maison relais an d'Schoul ze transferéieren andeems d'Tâche vum Enseignant eropgesat géif ginn, da wär dat en totalen NOGO fir den SNE/CGFP.

## j) «Gouvernance de l'enseignement fondamental»

Den SNE/CGFP huet schonn zënter Laangem virdru gewarnt, dass d'Politik keng nei Chantieren an der Educatioun opmaache soll.

Dofir huet den SNE/CGFP awer och absolut kee Versteesdemech fir d'Decisioun vun der neier Regierung, elo nees eng Kéier den aktuelle gutt funktionéierende Modell vun der Gouvernance vun de Schoulen a Fro ze stellen an e Pilotprojet mat engem Schouldirekter lancéieren ze wëllen.

An dësem Beräich ass definitiv keen Handlungsbedarf!

Déi aktuell Gestioun vun de Schoulen däerf net a Fro gestallt ginn an déi politesch Responsabel kënne mat groussem Widderstand an dësem Dossier rechnen, wann et do zu grousse Gestiounsännerunge kéim.

De Modell vun engem gewielte « Comité d'école » mat u senger Spëtzt engem President huet sech iwwert all déi Joren zënter der Reform vun de Grondschoulen am Joer 2009 bewäert a funktionéiert op deenen allermeeschte Plazen zur vollsten Zefriddenheet.

Verbesserungspotential beim aktuelle Modell vun de Schoulkommiteeë besteet duerchaus an d'Politik sollt sech op déi Punkte fokusséieren. Esou wär et sënnvoll, de Kommiteeën méi Dechargen ze ginn an hinnen eng administrativ Hëllef a Form vun engem administrative Sekretär zur Verfügung ze stellen.

Dee basisdemokrateschen a participative Modell vum gewielte Schoulkommitee muss definitiv erhale bleiwen an den SNE/CGFP seet ganz kloer Neen zu engem Pilotprojet mat engem Direkter an der Schoul. Esou en Top-Down-Prinzip ass fir den SNE/CGFP en absolutten NOGO.

Zu de Regionaldirektiounen ass Folgendes ze soen:

Den SNE/CGFP stellt de Fonctionement vun de Regionaldirektiounen net grondsätzlech a Fro. Mir stellen awer fest, dass et Direktioune ginn, déi gutt funktionéieren wärend anerer manner gutt funktionéieren. Déi eng Direktioune schaffe gutt mat de Schoulen am Allgemengen a mat dem Léierpersonal am Speziellen zesummen. Déi aner sinn dogéint keng grouss Plus-value an Hëllef fir d'Enseignanten.

Et schéngt also éischter e Problem vun der Besetzung wéi vum eigentleche System ze sinn.

## k) « Digitalisation des procédures »

Genau wéi et och am Regierungsprogramm steet, gëtt et eng Taskforce « Simplification administrative ».

A genee d'« Simplification administrative » sollt och d'Missioun vun dëser Taskforce sinn.

Dës Taskforce soll et fäerdegbréngen, d'Prozeduren ze vereinfachen.

An et geet dem SNE/CGFP definitiv net duer, dass déi schwéierfälleg Prozeduren einfach nëmmen digital kéinte gemaach ginn. Eng Digitalisatioun bedeit nach laang keng Vereinfachung.  Wann déi selwecht Tâche digital um Computer muss gemaach ginn anstatt um Pabeier, kënne mir net vu Vereinfachung schwätzen!

Wann dat d'Resultat vun der Aarbecht an der Taskforce sollt sinn, da kann den SNE/CGFP definitiv net domadder d'accord sinn.

## l) Ausbildung vum der Léierin a vum Schoulmeeschter

An dësem Dossier leien d'Vuë vum SNE/CGFP an deem, wat am Koalitiounsaccord steet, dann awer ganz wäit auserneen.

Wärend am Koalitiounsaccord e Rekrutement op Bachelorniveau verankert gëtt, fuerdert den SNE/CGFP eng eenheetlech Initialausbildung op Masterniveau fir d'Enseignanten aus dem « Enseignement fondamental » an der « Voie de préparation » aus dem « Enseignement secondaire général ».

Domadder kéinte mir och ee fir allemol d'Diskussioun ëm de Profil vum Enseignant am « Enseignement fondamental » an der « Voie de préparation » vum « Enseignement secondaire général » zoumaachen.

An eppes ass kloer: Mir wäerten net vun eiser Masterfuerderung ofréckelen an dat aus guddem Grond.

D'Defien an d'Ușpréch un de Beruff hunn nämlech an de leschte Joren enorm zougeholl an huelen och an den nächste Joren net of.

D'Zukunft vun eise Kanner muss eis et dach wäert sinn, hir Bildung an d'Hänn vun optimal ausgebiltem Personal ze leeën.

An eng Initialausbildung op Masterniveau ass eben déi bescht méiglech Ausbildung fir eis Enseignanten.

An dat fir all eis Enseignanten.

An dofir geet et dem SNE/CGFP och definitv net duer, nach weider Funktiounen ze definéieren, fir déi dann op Masterniveau ze hiewen.

## m) « Compétences des communes et de l'Etat »

An dësem Kapitel vum Koalitiounsaccord gëtt och de « Plan de développement de l'établissement scolaire PDS » ernimmt. Den SNE/CGFP weist dorobber hin, dass de PDS een Instrument fir d'Schoulen, an ech ënnersträiche fir d'Schoulen ass, sech weiderzeentwéckelen. D'Enseignanten aus de jeeweilege Schoule wëssen am beschten, wou bei hinnen an der Schoul Entwécklungspotenzial an och Schoulentwécklungsbedarf ass. Dofir muss dat Instrument vum PDS an der Hand vun de Schoule bleiwen an et kann net sinn, dass vun iergend enger



anerer Säit (Gemeng, Regionaldirektiounen, Elteren, ...) de Schoule Sujeten imposéiert ginn, wouranner si sech mussen entwéckelen. Esou eng Virgoensweis ass vu vireran zum Scheitere verurteelt, well d'Léierpersonal aus de Schoulen hannert hirem PDS muss stoen. Si sinn et jo schliisslech, déi de PDS ëmsetze mussen. Natierlech kënnen an dem jeeweilegen PDS och aner Acteure mat agebonne ginn. Dat eent verhënnert dat anert jo net. D'Aufgab vun der Gemeng, den Elterevertrieder an der Regionaldirektioun soll weiderhin doranner bestoen, en Avis zu den eenzele PDSen ofzeginn.

Misst ee sech awer net prinzipiell d'Fro stellen, ob de PDS wierklech dat richtegt Instrument ass fir d'Schoulentwécklung weiderzedreiwen?

### n) «Sensibilisation aux métiers»

Den SNE/CGFP begréisst et, dass Theme wéi d'Wichtegkeet vum Handwierk, déi passend Auswiel vun engem spéidere Beruff an d'Erkenne vu perséinlechen Talenter an Interessie méi reegelméisseg sollen opgegraff a verdéift ginn. Erfollegräich Orientatioun geschitt nämlech net zoufälleg, mee ass d'Resultat vun engem méi laange Prozess, an deem ee sech selwer a seng Talenter an Interessen no an no kenne léiere muss.

Dës Erkenntnisser sinn engersäits wichteg fir eis Schüler aus dem « Enseignement fondamental » beim Schrëtt an de Lycée, awer genausou fir d'Schüler aus der « Voie de préparation (VP) » bei der Auswiel vun enger passender Léier spéiderhin.

Vun dohier ass déi ugeduechte groussflächeg Promotioun vum Handwierk an d'Aféiere vun Optiounscoursen op Projetbasis fir Schüler aus der VP um Pabeier eng gutt Léisung. Et däerf een awer net vergiessen, dass erfollegräich Projetsaarbecht mat Schüler aus enger VP e vill méi groussen Aarbechtsopwand fir de jeeweilegen Enseignant bedeit. Deem erhéichten Opwand muss an der Tâche onbedéngt mat engem entspriechenden Koeffizient Rechnung gedroe ginn.

### o) « Voie de Preparation vum Enseignement secondaire général (VP) »

Dat geplangtent Aféiere vu méi moderne Programmen, Materialien an d'Bereetstelle vu méi Ressourcë gesäit den SNE/CGFP ganz positiv. Well och an der VP mussen déi Schüler mat spezielle Besoine weiderhi geneesou gutt kënne gefërdert an encadréiert gi wéi virdrun am EF.

Dowéinst ass et onabdéngbar, dass endlech IEBSe fir d'VP agestallt ginn, déi direkt um Terrain exklusiv mat de Schüler aus der VP schaffen. Déi aktuell Struktur mat enger « Cellule de soutien » pro Lycéesgebai ass hei an der Praxis leider oft manner zilféierend, well dëst Personal sech ëm Schüler aus all « Ordre d'Enseignement » këmmert. Sou feelen oft Ressourcë fir genee déi Schüler aus der VP, déi virdrun am EF nach op eng méi breet a reegelméisseg Ënnerstëtzung ziele konnten. Heizou passend ass och déi geplangten Aféierung vun enger Schoulofferr, déi analog zu de « Centres socio-thérapeutiques » aus dem EF funktionéiere soll, e wichtege Bausteen.

Déi envisagéiert erweidert Sproochenoffer kann dem VP-Schüler um Beruffswee just weiderhëllefen, well et grad déi englesch Sprooch ass, déi an den nächste Joerzéngte wuel nach méi e grousse Stellewäert an der informatiséierter Aarbechtswelt wäert kréien. Mee grad dës Sprooch huet an der VP bis elo just als Optiounsfach kënne vun de Schoulgebaier ugebuede ginn. Hei gëtt enger laangjäreger Fuerderung vum SNE/CGFP Rechnung gedroen.

Begréisse kann den SNE/CGFP weiderhin, dass och engem weideren Uleies Rechnung gedroe gouf. De Koalitiounsaccord gesäit vir, nei ageféiert Formatiounen an alle Regioune vum Land wëllen unzebidden. Sou kënne laang Bustransporter fir d'Schüler aus der VP entfalen, an d'Auswiel vun enger passender Léierplaz gëtt manner beaflosst vum Standuert vum Lycée, deen déi Formatioun ubitt.

Dëst, zesumme mat dem geplangten optimiséierte Fonctionement vun den CIP/COP/COIP Klassen an der ugeduechter Promotioun vum Handwierksberuff soll dozou bäidroen, eng méi erfollegräich Orientatioun an d'Beruffswelt fir all VP Schüler ze erméiglechen. Et feelen hei awer Detailer, wéi dës gutt gemengten Initiative konkret sollen ëmgesat ginn.

An der Praxis schaffen hei nämlech vill Acteure koordinéiert zesummen. Sou muss eng « Maison de l'Orientation » zum Beispill mat de jeeweilege Schoulgebaier enk kooperéieren. Fir de Lien tëschent der Schoul- an der Aarbechtswelt ze verstäerken, wär et dofir am beschten, d'« Maison de l'Orientation » géif direkt an de Schoulgebaier selwer a reegelméissegen Ofstänn nach méi Presenz weisen. Sou kann de Schüler dee geplangte « Feedback simple et pertinent pour les étapes décisives » direkt am Schoulgebai hunn, an de Projet « Kein Abschluss ohne Anschluss » besser ëmgesat ginn.

Conférence de presse 2023

## 4. Conclusioun

Dir Dammen an dir Häre vun der Press, dëst war eng éischt Stellungnam vum SNE/CGFP zu dem Volet Educatioun am Regierungsprogramm.

Wéi mir schonn am Ufank gesot hunn, loossen eng Rei Aussoen an dësem Pabeier Interpretatiounsspillraum an do bleift nach Villes am Detail duerchzediskutéieren an ze klären.

Zefridde si mir awer, dass enger Rei vun eise Fuerderungen Rechnung gedroe ginn ass an dass mir dozou Mesuren am Koalitiounsprogramm erëmfannen.

Anere Fuerderunge si leider net Rechnung gedroe ginn an d'Regierung schéngt nach ëmmer net d'Plus-value vun engem generelle Rekrutement vum Schoulmeeschter op Masterniveau ze gesinn.

Mee dat ännert awer näischt um Fait, dass esou e Rekrutéiere vum Schoulmeeschter op Masterniveau eng vun den Haaptfuerderunge vum SNE/CGFP wäert bleiwen.

Ofschléissend bléift ze soen, dass den SNE/CGFP och weiderhi bereet ass, Verantwortung ze iwwerhuelen, fir an engem konstruktiven Dialog mat de politesche Responsabelen déi noutwendeg Mesuren a Projeten am Interêt vun eiser Schoul, eise Kanner an den Enseignanten ze negociéieren a gegebenenfalls déi Decisiounen, déi sech doraus erginn, matzedroen.

Merci fir Är Opmierksamkeet



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

# Rentrée vun der Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP




D'Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP ass d'« Stëmm » vun de Membere vum SNE/CGFP. An dësem **syndikalistesche Gremium** si Léierinnen a Schoulmeeschtere vun all de Cyclen aus dem «Enseignement fondamental» an der «Voie de préparation» aus de Lycéeën aus dem ganze Land vertrueden. An de Reuniounen diskutéieren d'Delegéiert iwwer déi wichteg Froen an Ufuerderungen, mat deenen eis Lëtzebuerger Schoulen am Allgemengen an d'Enseignanten am Besonneschen am Schoulalldag konfrontéiert sinn.

An de **Resolutiounen**, déi vun den Delegéierte gestëmmt an och zum Deel zesummen erschafft ginn, gëtt **d'Positioun vum SNE/CGFP** zu aktuellen Theme vun der Schoulpolitik an déi syndikalistesch Fuerderunge festgeluecht.

Fir d'Schoulrentrée 2023/2024 war den Agenda vun der SNE/CGFP Assemblée gutt gefëllt.

Den Haaptpunkt, deen animéiert a konstruktiv vun den Delegéierten diskutéiert ginn ass, war den Encadrement, oder besser gesot **d'Feelen vun engem adequaten Encadrement fir d'Kanner mat spezifesche Bedierfnesser an eise Schoulen.**

**De „Brennpunkt" an eise Schoulen ass de Manktem u Personal fir den Encadrement an d'« Prise en charge » vun de Kanner mat spezifesche Besoinen.**



An all de Schoulen uechter d'Land gëtt de selwechte Constat gemaach: op där enger Säit sinn ëmmer méi « Enfants à besoins spécifiques » an eise Klassen; an dat vum Cycle 1 précoce bis an de Cycle 4. Op där anerer Säit ass awer **net genuch Personal** an de Schoulen, fir een adequaten Encadrement fir dës Kanner ze assuréieren. Et feele bäi Wäitem Ressourcen an eise Schoulen, fir souwuel de Kanner mat spezifesche Besoine, wéi och all deenen anere Kanner an der Klass, gerecht ze ginn.

Net all Schoul huet een I-EBS; d'ESEB vun de regionalen Direktioune sinn ënnerbesat an et feelt virun allem u Personal, dat och an der Schoul mat de Kanner mat spezifesche Besoine schafft. Bei ville vun dëse Kanner wär eng Betreiung respektiv « Assistance en classe » wärend der ganzer Schoulwoch néideg, quasi also eng 1 zu 1 Betreiung. **Dat ass awer an der Praxis nëmme ganz seelen de Fall.**

D'Delegéiert stelle fest, datt vill Enseignanten an all de Cyclen zanter der Rentrée **un hirer Limitt schaffen.** Déi néideg Ressourcë fir eng « Assistance en classe » an eng « Prise en charge » vun de Kanner mat spezielle Bedierfnesser feelen. Wann d'Hëllef do ass, sinn dat meeschtens nëmmen e puer Stonnen. Et kënnt och vir, datt déi Hëllef an eng aner Schoul ofgezu gëtt an dann ass guer keng Hëllef méi do.

Mir wëllen hei richteg verstane ginn: et geet net ëm déi gutt Aarbecht an Ënnerstëtzung vu Säite vum Personal vun der ESEB respektiv den I-EBSen, déi all Dag an eise Schoule mat de Kanner schaffen. Déi « Prise en charge » vun de betraffene Kanner ass wäertvoll an ënnerstëtzt domat d'Léiere mat all de Kanner an der Klass. An et geet eis och net drëm, eis an iergendenger Form géint d'Inklusioun auszeschwätzen. Mee och d'Inklusioun huet hir Limitten an déi sinn erreecht, wann déi aner Schüler an d'Enseignanten ufänken, drënner ze leiden.

Eng richteg Inklusioun kann awer nëmmen da geléngen an och vun der Schoul an den Enseignante geleescht ginn, **wann all Kand déi entspriechend an adequat Betreiung vu Säite vum Personal vun der ESEB ka kréien.**

Dofir fuerdert den SNE/CGFP:



- **méi Personal an der ESEB, dat déi ganz Woch an de Schoule mat de betraffene Kanner schafft;**
- **een neie Berechnungsmodus vum Contingent, deen d'Kanner mat spezifesche Besoine mat a Betruecht hëlt;**
- **manner Formalismus a minimal administrativ Prozeduren, fir Hëllef fir déi betraffe Kanner a Klassen unzefroen.**

Weider Themen a Punkte sinn an dëser Assemblée beschwat ginn:

- Beim Pilotprojet vun der Alphabetisatioun op Franséisch stelle sech nach **genuch Froen** an et ginn nach **vill Onkloerheeten,** wann dëse Projet landeswäit an de Gemengen a Schoulen agefëiert soll ginn. D'Delegéiert vum SNE/CGFP ënnerstäichen, datt dee Pilotprojet onbedéngt **eng extern Evaluatioun** brauch éier dëse System vun der Alphabetisatioun landeswäit an de Gemengen a Schoulen agefëiert gëtt.

  D'Assemblée hieft och ervir, datt dës Alphabetisatioun vill Ressourcë brauch. Dofir fuerdert den SNE/CGFP, datt jidder Schoul dann och genau sou **vill Ressourcen** zur Verfügung gestallt kréie muss, wéi elo déi Schoulen hunn, déi um Pilotprojet deelhuelen.



Ass de MENJE sech dem bewosst?

- Wat d' « Épreuves standardisées » ugeet, constatéiert d'Assembléе, datt d'Resultater vu praktesch der Hallschent vun de Kanner zanter e puer Joer ënnert der Limitt sinn. Hei ass den Opruff un déi Responsabel, datt **d'Krittäre vun den EPSTAN mussen ugepasst ginn.**



- Mam SIA Accueil ass de Service fir den Accueil vun de Kanner (a Familen), déi nei an d'Land komme reforméiert ginn. Hei fält den Delegéierte vum SNE/CGFP op, datt d'« Prise en charge » vun de betraffene Kanner a Familen ze vill Zäit an Usproch hëlt. Dobäi kënnt, datt d'Famille sech mat de Kanner extra bis an d'Stad deplacéiere mussen. D'Fro stellt sech, ob **dës Reform net iwwer de Knéi gebrach ginn** ass.
- E weidere Punkt, iwwert deen an der Reunioun debattéiert ginn ass, war d'E-Bichelchen. Bei der Rentrée huet d'E-Bichelchen net funktionéiert! Fir den SNE/CGFP ass op jidde Fall kloer, datt **d'Benotze vum E-Bichelchen och weiderhi fakultativ bleiwe muss.**
- Des Weideren ass d'Fuerderung festgehale ginn, datt **all déi méi geleeschte Foco-Stonne** vum Enseignant **an déi nächst Period musse kënne mat viru geholl ginn.** Et kann net sinn, datt hei nëmmen eng limitéiert Zuel vu Stonne matgeholl ka ginn a soumat dem Enseignant Stonnen op sengem Foco-Kont « verluer » ginn.



- D'Delegéiert hunn och iwwer d'Gesetz vum 20. Juli 2023 zu der « Obligation scolaire » debattéiert. War d'Kontroll vun der « Obligation scolaire » bis elo Saach vun der Gemeng, sou riskéiere mir mam neie Gesetz, datt vill ze spéit reagéiert gëtt, wann ee Kand des Ëftere feelt an d'Elteren d' « Obligation scolaire » net anhalen, respektiv net eescht huelen.

Dëst fir elo nëmmen e puer vun den Haaptpunkten ze nennen, déi an der leschter « Assemblée des Délégués » beschwat gi sinn. Natierlech gi wärend de Reuniounen nach vill verschidden aner Theme beschwat, déi den Terrain allgemeng oder awer och individuell betreffen. Wann d'Delegatioun vum SNE/CGFP aus dem ganze Land zu senge Versammlungen zesumme kënnt, kritt een en immens breeden « Aperçu » vun der schoulescher Situatioun um nationale Plang. Dat ass zum Engen kruzial, fir datt de SNE/CGFP seng Memberen an hir Meenung adequat vertrieden an an hirem Interessi handele kann, mee zum Aneren och, fir datt een op d'Probleemer a méiglech Léisungen an anere Schoulen opmierksam ka gemaach ginn.

Dësen Austausch ënner Gläichgesënnte war an der Vergaangenheet schonn oft d'Grondlag vu syndikalistesche Aktiounen, déi am Endeffekt positiv Repercussiounen op de kompletten Enseignement haten. Och dofir ass et dem SNE/CGFP wichteg, mat dësem Artikel seng « Assemblée des Délégués » an hir Wichtegkeet fir de Fonctionnement vun der Gewerkschaft ervirzehiewen.





sne
syndicat national des enseignants cgfp

## Betrëfft Kotisatioun vum SNE fir 2024

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Vun 2008 bis 2020 hu mir eis Kotisatioun konstant op 96 € d'Joer gehal, dëst obwuel an dëser Zäitspan 8 Indextranchen erfall sinn. 2021 hu mir dunn eng kleng Erhéijung op 115 € gemaach. Och 2021 an 2022 sinn erëm zwou Indextranchen erfall.

Eis « Assemblée des délégués » hat de 17. Mee 2022 beschloss, gemeinsam mat der CGFP, eng Kotisatiounserhéijung fir 2023 ze maachen. Dës Erhéijung ass awer net ëmgesat ginn, weder beim SNE, nach bei der CGFP, well deemools déi wirtschaftlech Situatioun, charakteriséiert duerch eng staark Inflatioun, Krich a Liwwerengpäss, eis zur Decisioun bruecht huet, déi geplangten Erhéijung fir ee Joer auszesetzen.

Eise Bilan ass doduerch Enn 2022 an déi rout Zuele geroden. Aktuell geet d'Inflatioun zréck, et sinn dëst Joer schonn 2 weider Indextranchen erfall a mir komme leider net méi derlaanscht, eis Kotisatioun fir 2024 ze erhéijen.

Eis « Assemblée des délégués » huet den 13. Juni 2023 unanime beschloss, eis Kotisatioun fir 2024 op 180 € festzeleeën. Dëse Betrag begräift och d'Assurance rc professionnelle an de Bäitrag un d'CGFP, dee vun 35 op 50 € eropgesat gëtt. Mir weisen dorobber hin, dass dës Kotisatioun no der Erhéijung elo 15 € de Mount ausmécht.

Eis Kotisatioun fir e Ménage, mat der Reduktioun fir den zweete Member, ass op 334 € festgeluecht. D'Kotisatioun fir eis pensionéiert Kolleegen klëmmt op 85 €.

Mir hoffen op äert Verständnis fir dës Kotisatiounsupassung, fir dass mir all eisen Engagementer an Aktivitéiten am Interessi vun der Léierin an dem Schoulmeeschter och déi nächst Joren nokomme kënnen.

De Comité vum SNE

**www.sne.lu**

# Speed-Evaluatioun vum Koalitiouns accord fir d'Legislaturperiod 2023-2028

**Concernéierte Beräich:** « Education, enfance et jeunesse, enseignement supérieur et recherche »

**Ënnerberäich:** « Enseignement fondamental »

Hei fannt dir de ganzen Koalitiounsaccord.

| Ausso aus dem Accord | Gutt 😄 | Onkloer 🤔 | Net gutt 😥 | OMG 😭 | NOGO 😡 | Observatioune vum SNE/CGFP |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Égalité des chances indépendamment du contexte | | 🤔 | | | | Onrealistesch an illusoresch ouni déi néideg Ressourcen am Hibléck op d'Heterogenitéit an eise Klassen. |
| Livre blanc comme base du nouveau PE | | 🤔 | | | | Dëst wäisst Buch ass ganz vag an et bleiwen nach vill Froen ze klären. |
| Première échéance possible pour d'éventuelles conclusions pour le projet pilote « Zesumme wuessen » prévue pour 25/26 | | | 😥 | | | Éischt definitiv Konklusioune kënnen eréischt gezu ginn, nodeems d'Schüler de Cycle 4.2 ofgeschloss hunn, an net schonn nom Cycle 3.1. |
| Une généralisation de l'alphabétisation parallèle (all./fr.) pourrait se faire au plutôt pour 2026/2027 | | | | 😭 | | Den Zäitpunkt ass ze fréi gewielt. D'Schoule brauche méi Zäit fir sech op d'Alphabetiséierung op Franséisch virzebereeden. |
| D'éventuelles adapations du cycle inféreur (ES) au niveau des langues sont à envisager | 😄 | | | | | D'Kohärenz tëschent dem EF an dem ES ass wichteg fir d'Kontinuitéit vum Léierprozess. |
| Garantie de l'accès à l'éducation précoce | | 🤔 | | | | Oppe Froe betreffend den néidege Raimlechkeeten an dem Personal bleiwe leider bestoen. |
| Développement de la conscience phonologique au cycle 1 | | 🤔 | | | | A wéi enge Sproochen entwéckele mer dann an Zukunft d'« Conscience phonologique » mam Bléck op d'Alphabetisatioun op D oder op FR? |
| Deuxième intervenant au cycle 1 | 😄 | 🤔 | | | | Enger laanger Fuerderung vun eis soll Rechnung gedroe ginn. Mee wou kommen dës Ressourcen hir? Wéi e Profil ass do ugeduecht? Wéi gëtt dat praktesch ëmgesat? |
| La langue luxembourgeoise comme langue commune au cycle 1 | 😄 | | | | | D'Lëtzebuerger Sprooch ass a bleift enorm wichteg fir d'Integratioun an den Zesummenhalt an der Gesellschaft. |
| Élargissment des antennes régionales des centres de compétence | 😄 | | | | 😡 | Jo zum Ausbau vun den Antennen, mee och endlech d'Beschoulung vu Kanner an ALL Kompetenzzenter. |

| Ausso aus dem Accord | Gutt 😁 | Onkloer 🤔 | Net gutt 😥 | OMG 😭 | NOGO 😡 | Observatioune vum SNE/CGFP |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Au moins un I-EBS par école | 😁 | | | | | Den I-EBS ass eng wichteg Ressource, d'Unzuel vun hinne soll de reelle Besoine vun de Schoulen ugepasst sinn. |
| Renforcement de la coopération entre l'éducation formelle et l'Aide à l'Enfance et de la Famille | 😁 | | | | | D'Recommandatioun, fir eng Hëllef fir d'Kand unzehuelen, muss obligatoresch ginn. Am Sënn vum Kand, däerfen Elteren net prinzipiell all Hëllef refuséieren. |
| Évaluation de la réforme de 2009 | 😁 | 🤔 | 😥 | | | Natierlech begréisse mir dës Evaluatioun. Mee dës Aarbecht hätt solle gemaach ginn ier mat den Aarbechten zu engem neie « Plan d'Etudes » ugefaang ginn ass. D'Leit vum Terrain mussen do och zu Wuert kommen. |
| Aide aux devoirs à domicile | | 🤔 | | | 😡 | Wat soll dat genau heeschen? D'Hausaufgabenhëllef däerf op kee Fall vun der Maison Relais an d'Schoul transferéiert ginn. |
| Évaluation du dispositif des directions de région | | 🤔 | | | | Dës Evaluatioun ass noutwenneg, do misst och d'Perspektiv vum Enseignant berücksichtegt ginn. |
| Projet pilote avec la mise en place d'une direction locale | | | | | 😡 | Den aktuelle Modell vum gewielte Schoulkomitee mat un der Spëtzt dem President huet sech bewäert a muss bäigehal ginn. |
| Digitalisation des procédures | | | 😥 | | | Mir kënne just mat der Digitalisatioun d'accord sinn, wa se och eng Simplificatioun bedeit. |
| BScE = voie d'accès privilégiée à la profession | | | | | 😡 | Eng Initialausbildung op Masterniveau amplaz vun engem Bachelor muss endlech och zu Lëtzebuerg ageféiert ginn. |
| Elargissement des compétences des communes et de l'État concernant le PDS | | | | | 😡 | De PDS ass en Outil fir d'Schoulen an soll och weiderhin an der Hand vun de Schoule bleiwen. |
| Profil de l'enseignant du Fondamental | | 🤔 | | | | Mir acceptéiere kee weidere « Nivellement vers le bas ». |
| Sensibilisation aux métiers | 😁 | | | | | Eng erfollegräich Orientatioun geschitt net ouni Informatioun a Sensibilisatioun. |

# Entrevue vum SNE/CGFP

## mam Educatiounsminister Claude Meisch

Den 8. Dezember 2023 hat eng Delegatioun vum SNE/CGFP bestoend aus dem President Patrick Remakel, der Vizepresidentin Vanessa Schetgen, dem Generalsekretär Gilles Glesener an dem Sekretär-adjoint Jean Kasel eng éischt Entrevue mam neien « alen » Educatiounsminister Claude Meisch, dee bei dëser Geleeënheet vu senge Mataarbechter Lex Folscheid, Martine Molitor, Francine Vanolst, Gilles Dhamen a Max Theis assistéiert gouf.

Um Ordre du jour stoung en éischten Austausch iwwert d'Prioritéite vun dem Volet « Educatioun, Kandheet a Jugend » aus dem Regierungsprogramm 2023/2028.

Gläich am Ufank vun der Reunioun huet de Minister Meisch ënnerstrach, dass sech engersäits den Dialog mat allen Acteuren aus dem Educatiounsberäich an anerersäits d'wëssenschaftlech Begleedung vun der Bildungspolitik mat der entspriechender Evaluatioun vu Projeten, Reformen, Pilotprojeten an aneren Initiative wéi e roude Fuedem duerch de Volet «Educatioun» vum Koalitiounsaccord zéien.

Duerno ass den Educatiounsminister méi am Detail op verschidden Aspekter vum Regierungsprogramm agaangen an esou sinn ënner anerem folgend Sujeten ugeschwat ginn:

- **déi fréikandlech « Prise en Charge » vun de Kanner;**
- **d'Bereetstelle vun engem 2. Intervenant am Zykel 1;**
- **déi parallel Alphabetiséierung op Franséisch an op Däitsch;**
- **d'Erneierung vum Léierplang;**
- **d'Initialausbildung vun de Léierinnen an de Schoulmeeschteren;**
- **d'« Mise en Place » vu Formatiounen op Masterniveau fir d'Enseignanten;**
- **d'Inclusioun vu Kanner mat spezifesche Besoinen;**
- **d'Evaluatioun vum Fonctionement vun de regionalen Direktiounen an der Grondschoul;**
- **d'« Mise en Place » vun engem Pilotprojet mat enger lokaler Direktioun an der Schoul;**
- **d'Evaluatioun vun der Grondschoulreform vun 2009;**
- **d'Hausaufgabenhëllef;**
- **d'Zesummenaarbecht an d'Kompetenzopdeelung tëschent de Gemengen an dem Staat.**





Den SNE/CGFP sengersäits huet betount, dass den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen eng absolutt Prioritéit vum Educatiounsminister an dëser Legislaturperiod misst sinn. Dës Problematik muss ganz séier an Ugrëff geholl ginn, well soss de Schoulsystem riskéiert ze kollabéieren. **Fir der Erausfuerderung vun enger effikasser « Prise en Charge » vu Kanner mat spezifesche Besoine gerecht ze ginn, mussen d'Schoulen déi néideg Ressourcen zur Verfügung gestallt kréien.**

Weiderhin huet den SNE/CGFP nach emol **d'Fuerderung nom Remplacement vum ESEB-Personal** bei Krankmeldungen oder aneren Absencë widderholl.

Och mussen déi administrativ Hürde bei der « Prise en Charge » vu Kanner mat spezifesche Besoinen op e Minimum reduzéiert ginn. D'Hëllef muss ouni laangwiereg a schwéierfälleg Prozeduren esou séier wéi méiglech beim Kand ukommen. An deem Kontext gouf begréisst, dass d'Aarbechte vun der Taskforce « Simplification administrative » weidergedriwwe gi mam Objektiv, **d'administrativ Charge vun den Enseignanten ze reduzéieren.**

Schliisslech gouf och de Fonctionement vun de Kompetenzzentre kritesch hannerfrot.

Den SNE/CGFP huet sech zefridde gewisen, dass an Zukunft d'Klassen aus dem Zykel 1 vun engem Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur betreit solle ginn. D'Realisatioun vun dësem Konzept, wou genuch gutt ausgebilte Personal muss rekrutéiert ginn, bedeit sécherlech fir de MENJE e groussen Effort. Den SNE/CGFP ass awer der Meenung, dass een do keng kostbar Zäit verléiere soll an een alles dru setze muss, fir dës Mesure esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

Wat d'Evaluatioun vun der Grondschoulreform vun 2009 ubelaangt, huet d'Delegatioun vum **SNE/CGFP gefuerdert, dass d'Leit vum Terrain mat hire Constaten, Soucien a Verbesserungsvirschléi onbedéngt mat agebonne musse ginn.**

Besonnesch bei der **Organisatioun vum « Appui pédagogique »** mussen d'Enseignanten an den Ae vum **SNE/CGFP eng gréisstméiglechst Flexibilitéit behalen.**

Och gesäit den **SNE/CGFP** Handlungsbedarf bei der **Orientéierungsprozedur am Zykel 4, déi onbedéngt reforméiert muss ginn.**

Den SNE/CGFP begréisst et, dass am Kader vun der Maison relais probéiert gëtt, d'Hausaufgabenhëllef en Vue vu méi Chancëgerechtegkeet fir d'Kanner ze optimiséieren. D'Delegatioun huet dem Minister awer och däitlech signaliséiert, dass **et fir den SNE/CGFP keng Optioun** ass, wann **d'Missioun vun der Hausaufgabenhëllef vun der Maison relais an d'Schoul transferéiert géif ginn.**

D'Delegatioun vum SNE/CGFP huet dem Educatiounsminister onmëssverständlech matgedeelt, dass den **SNE/CGFP keen Handlungsbedarf gesäit, eppes ze änneren um Gouvernancemodell vun de Grondschoule mat engem gewielte Schoulcomité, deen u senger Spëtzt e President huet.** Dofir huet den SNE/CGFP och absolutt kee Versteesdemech fir d'Decisioun vun der neier Regierung, dësen aktuell gutt funktionéierende, basisdemokratesche, participative Modell duerch e Pilotprojet mat engem lokalen Direkter an der Schoul a Fro ze stellen.

Wat d'Initialausbildung vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren ubelaangt, leien d'Vuë vum SNE/CGFP an der neier Regierung wäit auserneen. Den **SNE/CGFP** fuerdert nach ëmmer eng generell Ausbildung vun allen Enseignanten op Masterniveau. D'Defien an d'Uspréch un de Beruff ginn ëmmer méi grouss a verlaangen no enger bescht méiglecher Ausbildung, eben enger **Initialausbildung op Masterniveau vun alle Léierinnen a Schoulmeeschteren.**

Schlussendlech huet den SNE/CGFP dem Educatiounsminister seng Bereetschaft matgedeelt, och an Zukunft Verantwortung ze iwwerhuele fir an engem konstruktiven Dialog déi noutwendeg Mesuren a Projeten am Interessi vun der Schoul, de Kanner an den Enseignantë mam MENJE ze verhandelen.



Gilles Glesener
Generalsekretär SNE/CGFP

# Schwedesch Digitaliséierungsstrategie

## E Kommentar

Viru Kuerzem sinn ech duerch Zoufall op eng Stellungnam vum Karolinska Institut gestouss, wou et ganz konkret ëm déi national schwedesch Digitaliséierungsstrategie fir 2023-2027 geet. En externe Gremium vu renomméierte Spezialiste vun der Karolinska Universitéit (https://ki.se/en) huet sech d'Aarbecht gemaach, sech kritesch mat der vun der schwedescher Bildungsautoritéit roposéierter Digitaliséierungsstrategie auserneenzesetzen, hir Gedanken an engem Positiounspabeier festzehalen an och an dëser Form den zoustännege Politiker zoukommenzeloossen. Also duerchaus och fir eis zu Lëtzebuerg interessant, well Digitaliséierung jo deelweis zum hellege Gral erhuewe gëtt an als Solutioun fir quasi all schoulesche Problem ugeprangert gëtt.

Inhaltlech goufe vum schwedesche Bildungsministère zwee Ziler ausgewisen, déi d'Digitaliséierung mat sech brénge soll. Sou sollen d'SchülerInnen op där enger Säit déi néideg digital Kompetenzen entwéckelen, fir aktiv um Unterrecht, um soziale Liewen an un der Aarbechtswelt kënnen deelzehuelen an op där anerer Säit, solle si duerch den Asaz vun den digitale Medien d'Qualitéit vum Unterrecht, d'Gläichwäertegkeet an d'Erreeche vun de Bildungsziler verbessert ginn. Vergläichbar also mat den Ziler, déi och an eisem Schoulsystem gesat sinn an an dem « Medienkompass » (Medienkompass, S.7-9) bzw. dem « Plan d'études » nozeliese sinn (Plan d'études, S.57-58).

Ouni inhaltlech op déi lëtzebuergesch Dokumenter wëllen anzegoen, wollt ech Iech awer d'Resultater bzw. d'Erkenntnisser aus der Stellungnam vun dem Karolinska Institut net virenthalen. Sou goufen eng Rëtsch Kritikpunkten erhuewen, déi duerchaus Berechtegung fannen an och deelweis op eise Schoulsystem kéinten zoutreffen.

Grondsätzlech stellen d'Experte vun der schwedescher Uni fest, dass et keng wëssenschaftlech Erkenntnisser gëtt, déi zementéieren, dass den Asaz vun digitale Medien de Léiererfolleg vun de jonke SchülerInnen positiv beaflosst. Ganz am Géigendeel, Esou argumentéiere si, «dass der Schwerpunkt wieder auf den Wissenserwerb über gedruckte Schulbücher und das Fachwissen des Lehrers gelegt werden sollte, anstatt das Wissen in erster Linie aus frei zugänglichen digitalen Quellen zu erwerben, die nicht auf die Richtigkeit überprüft wurden» (Karolinska Institut, 2023). Des Weideren zitéiere si wëssenschaftlech Etuden, dei beleeën, dass digital Medie vill Oflenkungen enthalen an deelweis d'Konzentratioun an d'Aarbechtsgediechtnes vun de SchülerInnen éischter negativ beaflossen, wéi dass si positiv Effekter géingen opweisen (vgl. Karolinska, 2023).

Weider Kritikpunkten vum Institut sinn:

- **dass Kanner sech kënnen eegestänneg Wëssen a Kompetenzen duerch de Gebrauch vun digitale Medien uneegnen ass oft falsch,**
- **kleng Kanner sollen digital Medien iwwerhaapt net notzen,**
- **d'Digitaliséierung kann d'Gläichstellung vun de Geschlechter gefäerden,**
- **d'Digitaliséierung riskéiert verschidde Kanner besonnesch haart ze treffen,**
- **den Zesummenhang tëschent Bildschiermzäit a psychesch Gesondheet.**

Interessant ass an dësem Kontext de Fakt, dass den ekonomesche Volet wuel hei och muss berücksichtegt ginn. Sou hunn d'Schoulen an d'Bildungsbehörd en Interêt dorunner, laangfristeg op digital Medien ëmzeklammen, well doduerch all Joer manner Bicher musse bestallt ginn an och keng deier Kopiesmaschinne méi a Stand gehale musse ginn (Patrounen, Entretiens-Kontrakter, Pabeier). Dëst ass ëmsou méi interessant, well ee beobachte kann, dass a verschiddene Gemengen uechter d'Land d'Budgete fir Schoulbicher stagnéieren oder souguer erofginn. An dat, obwuel de Präis vum Pabeier déi lescht Jore staark an d'Luucht gaangen ass.

Wichteg ass de Bildungsexperten, dass bei esou enger grouss ugeluechter Strategie, déi wëssenschaftlech Begleedung, Dokumentatioun an Auswäertung net feelen däerf. Et soll a muss evidenzbaséiert geschafft ginn. Nëmmen esou kënnen d'Nohaltegkeet an d'Kohärenz vun esou engem Projet garantéiert an eventuell Upassunge virgeholl ginn. De Schoule mussen déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir esou eppes ëmzesetzen an et brauch Leitlinnen, wéi d'Schoule mat der Digitaliséierung ëmgoe kënnen.

Net zu Lescht hu si awer och festgestallt, dass wann déi digital Medie richteg agesat géinge ginn, si dann och e positiven Effekt kéinten hunn, wéi zum Beispill bei der Aarbecht mat Kanner mat spezifesche Besoinen.

Et ass deemno wéi esou oft, et gëtt net nëmme schwaarz a wäiss. Déi digital Medie sinn zwar een immens flotten Outil a fannen duerchaus hir Berechtegung am Schoulalldag, ëmsou méi, wéi Tablet a Co an der Liewenswelt vun engem jonke Mënsch souwisou enthale sinn. Et läit awer un dem Erwuessenen (Elteren, Enseignanten, Educateuren), de Gebrauch dovunner ze steieren an net zu Lescht och ze kontrolléieren.

*Karolinska Universitéit: https://ki.se/en*

*Karolinska Universitéit Stellungnahm: https://die-pädagogische-wende.de/wp-content/uploads/2023/07/Karolinska-Stellungnahme_2023_dt.pdf*

*Medienkompass: https://script.lu/sites/default/files/publications/2020-01/Medienkompass%20de.pdf*

*Plan d'études: https://men.public.lu/fr/publications/courriers-education-nationale/numeros-speciaux/plan-etudes-ecoles-fondamentale.html*



De Claude Schmit
ass I-DS, Instituteur spécialisé en développement scolaire a Member vum Comité central vum SNE/CGFP.

# Campagne vum Comité syndical européen de l'éducation

## Den Enseignement attraktiv maachen – 10 Fuerderungen

De «Comité syndical européen de l'éducation (CSEE)», deen iwwer 11 Milliounen Enseignanten an 51 Länner representéiert, huet eng europäesch Campagne initiéiert, fir den Enseignement méi attraktiv ze maachen. Déi 127 Memberorganisatiounen hu sech zesummegeschloss, an 10 Schlësselfuerderunge virgestallt, fir d'Educatiounspolitiker dozou ze beweegen, sécherzestellen, datt d'Bildungssystemer richteg finanzéiert a personell gutt opgestallt sinn, fir eng qualitativ ëffentlech Ausbildung fir jiddereen unzebidden. D'Campagne, déi Mëtt Mee 2023 ugefaangen huet, zitt sech bis an den Hierscht 2024.

D'Erzéiungsgewerkschaftsfederatioun op europäeschem Niveau ass iwwerzeegt, datt gutt finanzéiert a personell gutt opgestallte Bildungssystemer entscheedend sinn, fir de Wuelstand vun de Länner an der europäescher Regioun.

CSEE ETUCE

**Den CSEE fuerdert de Status an d'Attraktivitéit vum Léierberuff op allen Niveauen a Secteure vun der Educatioun an Europa ze erhéijen duerch :**

- **d'Fërderung vun der professioneller Autonomie**
- **d'Kompetitivitéit vun de Gehälter**
- **d'Ënnerstëtzung beim Start an d'Carrière**
- **d'Qualitéitsgarantie vun der berufflecher Entwécklung**
- **d'Integratioun vu Gläichheet an Diversitéit**
- **d'Sécherheet vun den Aarbechtskonditiounen**
- **d'Respektéiere vun der Work-Life Balance**
- **d'Schafe vun demokratesche Schoulkulturen**
- **d'Festhalen um Sozialdialog**
- **d'Valoriséierung vum Beruff**

Och wann d'Bildungssystemer a politesch Moossname vu Land zu Land variéieren, sinn d'Memberorganisatiounen all d'accord, datt d'Politiker dës 10 Schlësselfuerderunge berücksichtege sollen, fir aus dem Léierberuff en attraktive Beruff ze maachen, an doduerch eng nohalteg, qualitativ héichwäerteg ëffentlech Ausbildung, mat engem gutt ausgebilten, uerdentlech bezuelten, motivéierten a respektéierten Enseignant an all Klassesall fir all Schüler an Europa ze garantéieren.







# Formation continue pour les membres du SNE/CGFP

## Code: A-a-39

# didacta 2024



## Zielsetzung

**Wissen:**

Die Teilnehmer/-innen lernen kennen:

- neue und bewährte pädagogische Ansätze
- neue didaktische Materialien
- Fortbildungsangebote.

**Fähigkeiten:**

Die Teilnehmer/-innen sind in der Lage:

- innovative Ideen auf ihre eigene berufliche Praxis anzuwenden
- neue Lehr- und Lernmaterialien im Unterricht einzusetzen
- aktuelle Herausforderungen im Bildungsbereich besser zu verstehen.

**Haltung:**

Die Teilnehmer/-innen:

- entwickeln eine erhöhte Bereitschaft zur Integration innovativer Methoden
- werden offener für die Verwendung unterschiedlicher Ressourcen
- entwickeln ein stärkeres Bewusstsein für die Bedeutung von Diversität im Bildungsbereich.

**didacta**
die Bildungsmesse
Köln, 20.-24. Februar 2024

## Inhalt

cf Didacta 2024 Programm

https://www.didacta-koeln.de/

https://www.didacta-cologne.com/

## Anmerkung

Den Teilnehmenden werden 3 Stunden Weiterbildung angerechnet

- Abfahrt um 7:00 Uhr am P&R Howald
- Auf Anfrage (events@sne.lu) besteht die Möglichkeit an der Autobahntankstelle in Wasserbillig zuzusteigen
- Rückfahrt um 17:00 Uhr am Messegelände in Köln

## Public cible

**Contexte professionnel :** [ES] Enseignement secondaire
[EF_C2-4] Enseignement fondamental-Cycle 2-4
[EF_C1] Enseignement fondamental-Cycle 1

**Informations complémentaires :** personnel enseignant membre du SNE

## Date et horaire

**Modalité :** Présentiel

**Date :** le samedi 24 février 2024 (3 heures attestées)

**Lieu :** Messegelände Köln

**Délai d'inscription :** 15 janvier 2024

## Inscription :

**https://ssl.education.lu/ifen/descriptionformation?idFormation=286832**


Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW


It's my bank too!
BANQUE RAIFFEISEN, société coopérative
Bestëmmt och Dir mat.
D'Raiffeisen ass eng Genossenschaftsbank an dat ännert alles!
Gitt och Dir Member andeems Dir eng Part Sociale fir 25 € ënnerschreift a profitéiert vu villen Avantagen! Bei der Raiffeisen sidd Dir nämlech net nëmme Client vun enger Bank. Dir sidd gläichzäiteg och Koproprietär.
Méi Informatiounen op itsmybank.lu
Gitt Koproprietär fir 25 €
Raiffeisen
D'Bank déi hire Membere gehéiert



EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu


Groupe
renovation.lu
Handwierk aus Lëtzebuerg
www.renovation.lu
288 308



DIMMI
Wielt
DIMMI
... da sinn Är Date sécher!
Schonns iwwer 20.000 Persoune schaffen all Dag mat Dimmi.
Test Dimmi gratis an onverbindlech!
EDUCDESIGN
Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu


boesner
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER
Alles was kleine Künstler brauchen
· Über 28.000 Artikel
· Staffel- und Großhandelspreise
· Lieferservice
· Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum
www.boesner.com
boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr
Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht
Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier


MNM MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE
50e ANNIVERSAIRE 1973 - 2023
Wärend dem ganze Joer:
Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss
• a Gruppe bis 31 Leit
• interaktif fir Kanner bis 15 Joer
• digital mam Ipad-Tablett
Detailléiert informatiounen:
www.mnm.lu


Lineheart, ären Apple Partner fir d'Digitaliséierung am Enseignement.
Wielt haut déi richteg Servicer a Produiten fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.
Berodung
Installatioun
Support-Formatioun
Maintenance
Locatioun-Finanzement
iPad / MacBook / iMac
Accessoiren
Wifi-Réseau
Projektioun / interaktiv Tafel
Robotik / Coding
Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.
lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu
LINEHEART
Authorised Education Specialist


Avec vous
sur le chemin
de l'évolution
digitale
Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés
CK Office technologies
ck.lu
Charles Kieffer Group


sne éditions
Alle
Suche...
Ihr Warenkorb
0,00 EUR
MATÉRIEL DIDACTIQUE 2022 - 2023
PRÉCOCE - PRÉSCOLAIRE
DEUTSCH
FRANÇAIS
MATHÉMATIQUES
EVEIL AUX SCIENCES
LËTZEBUERGESCH
WEITERE
SNE.LU
Matériel didactique 2022 - 2023
Précoce - Préscolaire
Deutsch
Français
Mathématiques
Eveil aux sciences
Lëtzebuergesch
Sciences - Education - Culture
Exclusivités
Materiel adapté
Papperlapapp
Bestseller
Schreifheft - Cycle 2.2 - 2. Schouljoer
3,35 EUR
Herzlich Willkommen in unserem SNE Shop
Ihr kompetenter Partner in Luxemburg für jede Art von Druckmedien.
ONLINE am Shop bestellen :
https://sneeditions.shop/shop/


DIDERICH
librairie
papeterie
café
jeux/bricolage
2 rue Victor Hugo
Esch/Alzette
info@diderich.lu
www.diderich.lu


sne éditions
Ihr kompetenter Partner in Luxemburg
für jede Art von Druckmedien
in Druckvorstufe,
Offset- und Digitaldruck
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg
www.sne.lu
Kontaktieren Sie uns: shop@sne.lu

# « Béischten »

## daat rezent Buch vum Jemp Schuster




Léif KolleegInnen

Em Béischten geet et an eisem leschten Artikel fir dëst Joer.

« Béischten » heescht dat rezent Buch vum Jemp Schuster. An ëm dëst Buch goung et bei eisem leschten « Bistrot littéraire ». Den 13. November hu sech knapp 30 Memberen am Café « Le Bovary » zu Weimeschkierch getraff, fir Extraiten aus dësem neie Wierk ze lauschteren. Mol nodenklech, mol ironesch a satiresch, awer och mol, fir einfach gutt ze laachen, sou presentéiert sech deen neie Roman. Net grad esou voluminéis wéi d'« Bluttséffer » an d'« Ouereschlëffer », mee grad esou lieweg a riichteraus geschriwwen: jee, en typesche Jemp Schuster.

Nei un deem Owend war awer déi musikalesch Begleedung vum Claire Parsons. Déi jonk Lëtzebuerger Musekerin, déi rezenterweis de Jemp Schuster bei senge Liesunge begleet, huet et mat Bravour fäerdeg bruecht, an de Liespausen déi Gefiller eriwwerzebréngen, déi zu de jeeweilege Kapitele gepasst hunn. Keyboard, Piano an hir kloer Stëmm hunn eis alleguer a Stëmmung bruecht.

Bei engem gemittleche Patt a bei engem klenge Maufel goung och dëse flotten Owend op en Enn. An déi meescht vun de Gäscht si mat e puer « Béischten » am Grapp heemgaang. Et wär flott, déi Leit op eisem nächste « Bistrot » erëmzegesinn.

### A propos nächst Aktivitéiten!

Dir wonnert Iech, datt Dir an dësem Bulletin keen Hiweis dozou, kee « Save the Date », fannt. Dat kënnt dohier, datt eisem Aarbechtsgrupp hir Versammlung eréischt nom Redaktiounsschluss war. Dofir heescht et dann, genee an den nächste Bulletin ze kucken. Do wäert Dir da fannen, wat mir fir dat nächst Joer plangen.


**Am Numm vu menge KollegInnen aus dem Aarbechtsgrupp « SNE seniors » wënschen ech Iech alleguer schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer.**






# SNE Events

## Den SNE/CGFP huet invitéiert an de Kino














# SNE Events

## Nei Uniformen fir d'A.S. Instituteurs





D'A.S. Instituteurs, de Fussballclub vun den Enseignanten (Grënnungsjoer 1968), feiert dëst Joer de 55. Anniversaire. An deem Kader huet den SNE/CGFP der Ekipp nei Uniformen iwwerreecht. Déi offiziell Aweiung huet de 15. November stattfonnt, op engem verreenten Owend um Bielesser Terrain, wou d'ASI am Corporativchampionnat seng Heemmatcher spillt. Fir den SNE/CGFP waren de President Patrick Remakel an de Sekretär Gilles Glesener present.




De ganze Comité an d'Spiller vun der ASI soen dem SNE/CGFP villmools Merci fir dës wäertvoll Ënnerstëtzung. Mer sinn houfreg, elo niewent dem Logo vun eisem Veräin, och den SNE-Logo op eisen Trikoten ze droen.

Am Moment leeft et gutt fir d'ASI an der ieweschter Divisioun vum Corporativfussball, hei déi aktuell Tabell no 7 Spilldeeg :

| CLUB | PUNKTEN | MATCHER |
|---|---|---|
| ① A.S.INSTITUTEURS | 18 | 7 |
| ② FC COMMUNE ESCH | 15 | 7 |
| ③ FC BIL | 10 | 7 |
| ④ SC BERUFFSPOMPJEEN | 9 | 5 |
| ⑤ FC EUROATLAS | 9 | 7 |
| ⑥ CAS BNP PARIBAS | 5 | 6 |
| ⑦ AS DOUANES & ACCISES | 4 | 5 |
| ⑧ FC PENITENCIER | 3 | 6 |

*Robert Tani / ASI-President*


# Buchtipp

Auteur : Vanessa Schetgen

## 100 Bilderbücher für die Grundschule

### Eine Auswahl empfehlenswerter Bilderbücher mit Unterrichtsvorschlägen

Autor: Gudrun Hollstein
Marion Sonnenmoser




**Déi, déi mech kennen, wëssen, dass ech laang Joren am C1 geschafft hunn, villäicht kënnt och do meng Virléift fir Billerbicher hier. Elo wou ech am C2 schaffen, spieren ech natierlech och den Drock vum Programm, duerch deen oft net vill Zäit iwwereg ass, fir de Kanner Billerbicher virzeliesen. An awer mierken ech ëmmer nees, wéi faszinéiert si vun de Geschichten an de Biller sinn, grad am C2, wou dëse Medium net méi grad esou oft zum Asaz kënnt.**

A mengen Ae gewënnt d'Buch och ëmmer méi u Wichtegkeet, grad an Zäiten, wou déi digital Medien esou grouss geschriwwe ginn, a vun iPad bis interaktiv Tafel am Schoulalldag ëmmer méi Raum anhuelen.

Dofir stellen ech dës Kéier e ganz praktescht Buch vir. D'Buch biergt keng grouss Iwwerraschungen, et ass genee dat dran, wat dropsteet: et ginn 100 Bicher virgestallt, an d'Auteure gi praktesch Impulser fir d'Ëmsetzung an deene verschiddenen Zyklen. Niewent de grousse Klassiker wéi dem «Frederick»" (Leo Lionni) oder dem «Regenbogenfisch» (Marcus Pfister) ginn et och Bicher, déi ee villäicht net direkt kennt oder e bësse méi usprochsvoll sinn, wéi d'Bicher «7 blinde Mäuse» (Ed Young) oder «Steinsuppe» (Anais Vaugelade).

Bei all Buch ginn et eng Rei didaktesch Proposen. Déi kënne sech mol op d'Konscht bezéien, oder op dat soziaalt Léieren, wat dann an der VieSo opgegraff ka ginn. Och fir d'Sciencen eegene sech eng ganz Rei Bicher.

Verschidde Bicher wéi den «Elmar» (David McKee) gi fächeriwwergräifend behandelt, do kritt een niewent Iddie fir fräi ze schreiwen och Impulser fir Konscht oder Theater. Dës didaktesch Virschléi begrenze sech meeschtens op eng déck hallef Säit, et muss ee sech also keng fäerdeg preparéiert Stonnen erwaarden. Et sinn Impulser, déi nei Iddie ginn, een ustoussen, fir weiderzedenken, a perséinlech begréissen ech et, dass déi Virschléi eben net schonn ze vill ausgeschafft sinn. Esou bleift méi Flexibilitéit fir dës Propose jeeweils u seng eege Klass a par Rapport zu senger eegener Perséinlechkeet als Enseignant weiderzeentwéckelen.

Fir all Buch gëtt et e Resumé vum Inhalt, dräi bis véier Schlagwierder, déi en Iwwerbléck iwwert d'Theme verschafen, déi am Buch traitéiert ginn. Da gëtt et bei all Buch awer och nach en interessanten Abschnitt dee beschreift, wat an dësem Buch besonnesch ervirzehiewen ass. Sief dat den Text a Reimform wéi beim «Grüffelo» (Scheffler/Donaldson) oder déi besonnesch ausdrocksstaark Biller am Buch «Blauer Hund» (Nadja). Et gëtt och ëmmer e klengen Zousaz mat anere Bicher zum selwechte Sujet oder wou een zousätzlech didaktesch Materialien zu deem Buch fënnt.

An der Annexe kann een d'Bicher no Kompetenze sichen, villäicht sicht ee jo déi eng Kéier eppes, wat sech fir ze schreiwen eegent, an déi aner Kéier eppes, wat sech éischter an der Konscht ubitt. Och no Schlagwierder kann ee sichen, wéi Angscht, Selbstvertrauen oder Déiereschutz.

Den theoreeteschen Deel vum Buch ass mir perséinlech mat enger knapper Säit bal e bëssen ze kuerz komm, mécht bei engem Buch, dat den Accent wierklech op d'Praxis leet, awer och Sënn.

Bei all Buch ass zwar ugi fir wéi eng Schouljoren déi eenzel Billerbicher sech ubidden. Déi beschriwwen didaktesch Virschléi loossen sech awer immens gutt no uewen oder no ënnen upassen.

Zouginn, d'Buch ass vun 2012, a wann ee bedenkt wéi vill flott nei Billerbicher all Joer erauskommen, dann ass dëst Buch alles anescht wéi aktuell. An awer, verschidde Bicher behalen hiren zäitlose Charakter a wann ee sech bis e bëssen duerch déi didaktesch Propose gewullt huet, da fënnt een och séier eegen Iddie fir méi rezent Billerbicher.




D'Vanessa Schetgen
ass Enseignante am Cycle 2
an der Gemeng Hesper
an éischt Vize-Presidentin
vum SNE/CGFP.




**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**








# L'évasion est proche

LUX VOYAGES CGFP, une agence de voyage complète à votre service:
Pour vos déplacements de service ou privés à l'étranger
Voyages organisés
Billets d'avion, de train et de bateau
Réservations d'hôtels et d'appartements dans le monde entier
Tarif spécial pour les membres de la CGFP

OUVERT LE SAMEDI MATIN

LUX VOYAGES

25A, boulevard Royal (Forum Royal) • L-2449 Luxembourg
Tél. 47 00 47-1 • Fax 24 15 24 • e-mail: info@luxvoyages.lu
Ouvert du lundi au vendredi de 8 à 18 h et le samedi de 9 à 13 h




## LEARNING BY DOING

FOURNITURE POUR ECOLE
MATERIEL DIDACTIQUE
BRICOLAGE PAPETERIE
JEUX ET LOISIRS



**Learning By Doing**
30, avenue Frantz Clément
L-5612 Mondorf-les-Bains
Luxembourg
tél. +352 26 67 19 25
info@lbd.lu
www.lbd.lu

**LEARNING BY DOING À MONDORF-LÈS-BAINS**

**Votre spécialiste de la papeterie : manuels & fournitures scolaires, livres, loisirs créatifs...**


SDK Akademie
SuperDrecksKëscht®
Label SDK
Weiterbildungen für Lehrkräfte beim IFEN
Aktivitäten zur Sensibilisierung
Coaching
Getreu ihrem Motto „Geliefte Klimaschutz" steht die SDK für Ressourcen, Nachhaltigkeit, Kreislaufwirtschaft und Innovation.
Entdecken Sie unsere Angebote zur Sensibilisierung in der Schulgemeinschaft.
www.sdk-akademie.lu
Geliefte Klimaschutz
CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG
CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG


Op d'Kanner waarden.
D'Kanner zielen.
Op den Ausfluch goen.
Nozielen.
Mat hinnen d'Welt entdecken.
Hinnen beim Staunen nokucken.
Nach eng Kéier nozielen.
A schlussendlech
D'Laache vum Chauffer.
De Retour.
Är Gruppenrees.
E Moment vu Geloossenheet.
emile weber
all about your journey


Kanner Këscht
KLÄNG FIR DÉI KLENG
LAUSCHTERGESCHICHTEN
A MÉI FIR KANNER
VUN 3-12 JOER
OP
100KOMMA7.LU/KANNER
ODER AN EISER APP
radio 100,7
radio 100,7
Média de service public 100,7
21a, avenue J.F. Kennedy L-1855 Luxembourg
www.100komma7.lu

sne
syndicat
national des
enseignants
cgfp

# Gëff Member beim sne/cgfp!

**Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!**

www.sne.lu



# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum


**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg



**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.


syndicat national des enseignants cgfp

---


syndicat national des enseignants cgfp

Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants

11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56


## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ........ Prénom ........ Date de naissance ........

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ........ Promotion (année) ........ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ........

Commune / Localité de travail ........ Nom de l'école ........

**Domicile :** Numéro ........ Rue ........ Code postal ........ Localité ........

Adresse électronique ........ Téléphone / gsm ........

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ........ Date de naissance ........ Catégorie : cf tableau ci-contre ........

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ........

auprès de CCP / établissement bancaire ........

Date ........

Signature ........

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2024 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € **= 180 €** | **15 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>**= 334 €** | **15 €**<br>**12,83 €**<br>**27,83 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | 50 € + 35 € **= 85 €**<br>85 € + 85 € **= 170 €** | **7,08 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE


ernster®
l'esprit livre
#books and more
Mir wënschen Iech schéi Feierdeeg! | www.ernster.com





| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
| --- | --- |
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | Port payé PS/161 |